***Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2011***

# Mir sinn d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft

### Usprooch vum Jeff Boonen, neie President vun de LJB&JW

Léif Éieregäscht,
Dir Dammen an Dir Hären,

Et ass fir mech eng grouss Éier, haut den Owend hei als neie President vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* virun Iech ze stoen.

Fir unzefänken wëll ech dem Christian Merci soen, fir d'Aarbecht, déi hien déi lescht 4 Joer an der Funktioun vum President vun eiser Organisatioun geleescht huet.

De Christian huet et verstanen, fir d'Landwirtschaft a - virun allem - d'LJB&JW gutt dobaussen ze vertrieden. An den Diskussioune ronderëm d'Agrarpolitik konnt hien ëmmer ganz gutt mat praktesche Beispiller ënnerleeën, wat fir eng Auswierkungen déi verschidde politesch Mesuren op d'Betriber hunn. Hien huet mat Leif a Séil matdiskutéiert an hat keng Angscht, riichteraus ze sinn – dëst och a Präsenz vun de politesche Responsablen.

A verschiddenen Artikelen an der Press, wéi am *Lëtzebuerger Wort* oder an der *Revue*, huet hien e ganz positiven Androck vun de jonke Baueren a vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft hannerlooss. Dëse representative Rôle huet hie ganz gutt duerchgefouert.

De Christian engagéiert sech elo - wéi vill vun eise fréieren an aktuelle Memberen - op kommunalem Plang. Eng ganz Rei vun hinnen üben an de Gemengen- oder Schäfferéit uechter d'Land e Mandat aus. Nom Engagement an eisen Associatioune stellen si sech weiderhin an den Déngscht vun der Allgemengheet. Mir wënschen deemno och dem Christian vill Succès a Satisfaktioun a senger neier Funktioun als 2. Schäffe vun der Gemeng Ell.

Christian, am Numm vum Nationalcomité vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* soen ech Dir a ganze grousse Merci, fir Däin Asaz am Intressi vun eiser Jugendorganisatioun. Huel dës béid Kaddoen als eis Unerkennung fir deng wäertvoll Aarbecht un…

Mir wëssen dass Du immens frou bass mat séieren Autoen. Dofir hu mir hei e Bong fir mat engem *Aston Martin* um Nürburgring matzefueren. Fir datt Dir an deem Auto awer näischt geschitt, kriss Du e professionelle Chauffeur, dee mat Dir iwwer d'Pist flitzt! Doniewent soll dësen Aktekoffer - mat Blat a Bic - dir hëllefen, fir Dir Deng Aarbecht op der Gemeng ze vereinfachen. Domat misst Du eigentlech ëmmer alles prett hunn, wanns Du an d'Versammlunge gees…

Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Memberen a Frënn vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer*,

An Zesummenaarbecht mam Präsidium a mam Nationalcomité vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* wëll ech probéieren, fir mech an deenen nächste Joren am Sënn vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft a fir d'Intressie vun de jonke Baueren anzesetzen. Et ass mir en Uleies, fir mat all de landwirtschaftlechen Organisatiounen un engem Strang ze zéien, fir dem Zil vun enger nohalteger Landwirtschaft zu Lëtzebuerg méi no ze kommen.

## Schwiereg Loun-Situatioun

Zu Lëtzebuerg si mir an enger spezieller Situatioun. Duerch dee risege Wuesstem, dee mir déi lescht Joerzéngten erlieft hunn, sinn d'Léin ëmmer méi héich ginn. Parallel dozou ass d'Liewen ëmmer méi deier ginn.

Déi héich Léin bedeite fir d'Betriber, datt si vill méi héich Personalkäschten hunn, wéi hir Kollegen am Ausland, mat deene si an der Mëllech-, Fleesch- a Käreproduktioun konkurréieren. Duerch d'Globaliséierung sinn d'Betriber gezwongen ëmmer méi grouss ze ginn, sou datt sech irgendwann Personalfroe stellen. Duerch déi héich Lounkäschten ass et awer bal net méiglech fir Fachkräften anzestellen oder op extern Servicer zréckzegräifen. De Bauer bleift op senger Aarbecht sëtzen, wat weider Problemer mat sech zitt.

Dëse Punkt ass eng grouss Erausfuerderung fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft. Et wäert ëmmer méi wichteg ginn, fir sech mam Thema ze beschäftegen. Et muss bei deenen zoustännegen Instanze gekuckt ginn, wéi de Problem op politeschem Niveau ugepakt ka ginn. Et gëtt natierlech hei am Land scho méi Bäihëllefe, wéi am Ausland. Ech froe mech awer, ob Investitiounsbäihëllefen, Primme fir Landschaftspflege an Agrar-Ëmweltmoossnamen hëllefen, fir dëse soziale Problem ze léisen. Vläicht musse mir dofir an Zukunft iwwert eng aner, nei Form vu Bäihëllef an der Lëtzebuerger Landwirtschaft nodenken, fir de Betriber entgéintzekommen.

## Entscheedungen am Intressi vun de jonke Baueren ugoen

Mat der Agrarreform an domat dem Opstellen vun engem neie *Plan de développement rural* kommen mir elo an eng decisiv Phas. Et ass wichteg, datt d'Entscheedungen um europäeschen an och um nationalen Niveau am Intressi vun de jonke Bauere getraff ginn. De Generatiounswiessel muss eng Prioritéit vun all neier Agrarpolitik sinn, wann ee bedenkt, datt am Moment nëmme 5 Prozent vun de Lëtzebuerger Bauere manner ewéi 35 Joer al sinn. ***Mir sinn d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft*** a mussen e stabillen agrarpolitesche Kader virfannen, an deem mir laangfristig Decisiounen huelen an eis Betriber nohalteg plangen a gestalte kënnen.

An dem Sënn begréissen mir natierlech d'Propositioun vum EU-Agrarkommissär Dacian Cioloş. Si gesäit bekanntlech vir, datt d'Betribsprime déi éischt 5 Joer no der Betribsiwwernahm vum jonke Bauer, 25 Prozent méi héich ausfält, wéi bei engem aneren. Mir froen äis awer, ob et richtig ass, fir dës Bäihëllef un d'Betribsprime ze koppelen. Fir onnéidegen Drock op d'Fläch ze verhënneren, wier et eiser Meenung no besser, de jonke Baueren dës Prime ongekoppelt auszebezuelen – deemno esou, wéi bei der Installéierungsprime.

Wéi d'Thema vum Owend et undeit, si mir als Jongbauere guer net ofgeneigt fir Ëmweltschutz ze bedreiwen. Mir si bereet - géint finanziell Kompensatiounen - Naturschutz op deene Flächen ze realiséieren, déi wierklich ekologesch wäertvoll – an um landwirtschaftleschen Niveau, vu sech aus, manner produktiv sinn. An dem Sënn kënne mir de Virschlag vun der EU-Kommissioun net ënnerstëtzen, dee virgesäit, datt 7 Prozent vum Akerland als ekologesch Virrangsfläch genotzt soll ginn, wann een an de Genoss vun enger 100-prozenteger Betribsprime wëll kommen.

Firwat wäertvollt Akerland extensivéieren - respektiv broochleeën - wa mir als Gringlandstanduert vill ekologesch wäertvoll Flächen am Dauergringland hunn? Mir géifen et och begréissen, wann de Greening gestaffelt géif ginn an et net einfach géif heeschen, datt 70% oder 100% vun der Betribsprime ausbezuelt ginn.

Dat sinn eis éischt Iwwerleeungen zur Agrarreform 2013. Méi spéit am Owend wäert Dir nach aner Iddien héieren, déi eiser Meenung no an Zukunft wichteg sinn, fir eng nohalteg Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg ze erméiglechen.

De Moment ass awer elo komm, fir de Mikro un den Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich weiderzeginn. Nom ugekënnegte Grousswuert vum Här Äerzbëschof stelle mir de Projet vir, dee mir am Laf vum Joer an Zesummenaarbecht mam *OekoZenter Lëtzebuerg* duerchgefouert hunn an dee vun engem däitsche *Bureau d'étude* geleet gouf. Well dëse Projet mëttel- a laangfristeg Fuerderungen op agrarpoliteschem Plang enthält, hu mir keng Stellungnahm an der klassescher Form virbereet. No der Virstellung an der Diskussioun zu dësem Projet gi mir d'Wuert un den Delegéierten Ëmweltminister Marco Schank an un de Landwirtschaftsminister Romain Schneider.

Dir Dammen, Dir Hären, ech soen Iech Merci!

# Am Intressi vun enger nohalteger Landwirtschaft zu Lëtzebuerg

### Aleedung an d'Thema vum Owend duerch de Jeff Boonen

Léif Éieregäscht,
Dir Dammen an Dir Hären,

Mir kommen dann elo zum zentrale Punkt vum Owend. D'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer hunn am Joer 1987 zesumme mam deemolegen *Oeko-Fonds* - haut *OekoZenter Lëtzebuerg* - de Projet ***Ekologesch Landwirtschaftsberodung*** an d'Liewe geruff. Béid Organisatioune ware bestrieft, mat Hëllef vun engem Beroder, nei Iddien a Richtung ëmweltschounend an nohalteg Landwirtschaft an der Praxis ze verbreeden.

Am Ufank huet de Beroder sech punktuell mat verschiddenen nohaltege Bewirtschaftungsmethoden - wéi z.B. der Onkrautbekämpfung mam Striegel beschäftegt. Ganz schnell sinn dunn déi éischt Waasserschutzberodungen a Gemengen - wéi Contern a Réiden - duerchgefouert ginn. An den 1990ger Joren ass am Naturpark Uewersauer de Projet *Téi vum Séi* vun dësem Beroder encadréiert ginn. Och d'Konzept vum Biogas ass iwwert den ekologesche Landwirtschaftsberoder am Land verbreet ginn, sou datt déi éischt Biogasanlage realiséiert goufen. Um Versuchsfeld zu Iewerleng sinn dësweideren iwwer laang Jore Versich a Punkto nohalteg Landbewirtschaftung gemaach ginn.

Déi lescht Joren hu mir äis am Decisiounsgrupp gefrot, wat an der Zukunft fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft vu Bedeitung wäert sinn - an a wat fir eng Richtung eng aktualiséiert Berodung histeiere soll? An deem Sënn hu mir d'Iddi begréisst, fir déi Verantwortlech vum *OekoZenter Lëtzebuerg* mat de *LJB&JW* zesummenzebréngen an en Diskussiounsprozess unzefänken, wou d'Themen ugeschwat ginn, déi deene béid Organisatiounen um Häerz leien. Am Ufank vum Joer hu mir äis d'Zil gesat, fir gemeinsam Handlungspiste fir eng nohalteg Landwirtschaft zu Lëtzebuerg ze definéieren. Fir äis war et wichteg ze héieren, wat fir den Ëmweltschutz wichteg ass a wat de Konsumenten um Häerz läit.

### Sënnvoll Diskussiounen am Hibléck op d'Reform vun der GAP

Ech behaapten, datt dës Diskussioune ganz sënnvoll waren, dëst besonnesch am Hibléck op d'Reform vun der EU-Agrarpolitik 2013. Mat der Propositioun vum EU-Agrarkommissär Dacian Cioloş hu mir gesinn, wéi wichteg den Naturschutz an der Landwirtschaft an Zukunft gëtt an datt mir net laanscht dës Diskussioune kommen.

Dësen Diskussiounsprozess gouf moderéiert an resuméiert vun dem däitschen Netzwierk vun de Fuerschungsbüroe mam Numm ***Die Landforscher***. A fënnef grousse Reuniounen an e puer méi klengen Diskussiounsronne sinn eng ganz Serie vun Themen ugeschwat ginn, déi Iech elo vun der Madame Dr. Fink-Keßler virgestallt ginn.

Loosst mech awer nach profitéieren, fir all deene Leit Merci ze soen, déi ganz aktiv matdiskutéiert an dëst Resultat erméiglecht hunn. Ech wëll och nach eemol deene Verantwortlechen am Landwirtschaftsministère e grousse Merci ausschwätzen, déi de Finanzement vum Projet erméiglechen.

Werte Zuhörer,

Ich gehe nun in die deutsche Sprache über und begrüsse ganz herzlich Frau Dr. Andrea Fink-Keßler hier auf unserem Jungbauern- und Jungwinzertag. Frau Dr. Fink-Keßler arbeitet freiberuflich in dem von ihr gegründeten Büro für Agrar- und Regionalentwicklung in Kassel. Sie beschäftigt sich mit den Themen Agrarpolitik, ländliche Entwicklung und Lebensmittelkette zwischen Produzent und Verbraucher. Seit 2003 ist sie Mitglied des Redaktionsteams des „Kritischen Agrarberichts" welcher einmal im Jahr publiziert wird. Dieser Bericht dokumentiert die ganze thematische Breite der agrarpolitischen Debatte des laufenden Jahres vor dem Hintergrund der europäischen und weltweiten Entwicklung. Frau Dr. Andrea Fink-Keßler bildet zusammen mit anderen selbstständigen Land- und AgrarforscherInnen das Netzwerk *Die Landforscher*, welches uns im Diskussionsprozess mit dem *OekoZenter Lëtzebuerg* begleitet hat. Zusammen mit Dr. Thomas Frieder und Hans-Jürgen Müller hat Frau Fink-Keßler die nötigen Informationen geliefert um objektive faktenbezogene Diskussionen unter den Partnern *LJB&JW* und *OekoZenter* zu ermöglichen. Unter dem Titel „Handlungspisten für eine nachhaltige Landwirtschaft in Luxemburg" wurde der Prozess von den *Landforschern* im Abschlussbericht zusammengefasst. Er wird Ihnen jetzt von Frau Dr. Fink-Keßler vorgestellt.

Bevor ich Frau Dr. Fink-Keßler ans Rednerpult bitte, möchte ich mich im Namen all jener, die in den Diskussionsprozess eingebunden waren, ganz herzlich für die gute Zusammenarbeit in den vergangenen Monaten bedanken.